PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Tourismus weiderzeleeden.**

D'WORT bericht an engem Artikel vun haut, dass d'Airline *China Southern* ab dem 21ten Dezember eng nei Fluchverbindung Guangzhou – Zhengzhou – Luxembourg géif opmaachen. Dat wier deen éischten Direktvol tëschent Lëtzebuerg a China.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. War iergendeng Verwaltung direkt oder indirekt bedeelegt, fir déi Fluchverbindung op Lëtzebuerg ze kréien oder handelt et sech ëm eng reng privat Initiativ?
   Falls dat net de Fall war, kann d'Regierung bestätegen, dass am Virfeld vun der Decisioun vu *China Southern* keng Gespréicher tëschent dem Staat an Interessegruppe gefouert goufen?

2. War d'Regierung schonn am Virfeld vun dëser Ukënnegung iwwert déi nei Fluchverbindung forméiert? Falls jo, zënter wéini?

3. Wéi oft wäerte Fligere vum Findel op Guangzhou an op Zhengzhou fléien?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten